ACEL
de Studentevertrieder

Esch-sur-Alzette, le 9 novembre 2025

ACEL – de Studentevertrieder
2, avenue de l'Université
L-4365 Esch-sur-Alzette

**Objet** : Communiqué de presse - Studentefoire 2025

Zanter 1987 organiséiert de Ministère fir Fuerschung an Héichschoul zesumme mat der ACEL d'Studentefoire. Am Ufank hat d'Veranstaltung nach den Numm „Salon des étudiants" a si ass op Initiativ vun der ACEL entstanen.

Zanter der COVID-19-Pandemie fënnt d'"Foire" um Campus Belval vun der Uni.lu statt. Wat am Ufank als gutt Alternativ an engem Pandemie-Kontext funktionéiert huet, huet de Ministère mëttlerweil als permanent Léisung festgehal. Dës Entscheedung gouf zanter 2022 ëmmer rëm vun der ACEL kritiséiert. Am „Objectif 2028", deen d'ACEL am Joer 2023 virgestallt huet, hu mir eist Bedaueren ausgedréckt, dass mir net méi genuch an d'Organisatioun vun der Foire agebonne ginn an dass eise Feedback net méi nogelauschtert gëtt. Mir haten deemools schonn d'Suerg, datt d'Qualitéit vun der Foire géif erofgoen, ënner anerem duerch manner Stänn, onpreparéiert Schüler:innen an e Manktem u Beruffsinformatiounen. Déi selwecht Observatioun deelt och de Jugendrot, deen am Fréijoer 2025 d'Gespréich mam Ministère gesicht huet.

Leider hu sech dës Suergen bestätegt an et ass kee positive Fortschrëtt ze erkennen. Am Géigendeel: d'Qualitéit huet nogelooss an den Dialog mam Ministère ass an dësem Thema ëmmer méi schwiereg ginn.

No enger Assemblée Générale vun der ACEL am Juli 2025, wou d'Onzefriddenheet vun de Memberscerclë grouss war, hu si eestëmmeg decidéiert, dass et néideg wier ze reagéieren an d'Kondidtiounen, déi duerch de Ministère imposéiert goufen net sou stoen ze loossen. D'Memberscerclen hu sech dofir ausgeschwat duerch en Dialog e Kompromëss ze fannen oder, falls dat net méiglech wier, d'Situatioun ëffentlech ze maachen. Dës Decisioun gouf dem Ministère matgedeelt an et koum am September zu enger Entrevue. Dobäi hu mir awer e Ministère erlieft, deen net bereet war, sech op e konstruktiivt Gespréich anzeloossen. Eis Kritike goufe wéineg bis guer net ugeholl, a mir goufen erëm viru Fait-accomplie gesat.



SPUERKEESS
Partenaire officiel

Fir d’Bedeitung vun eise Kritiken ze ënnersträichen, hu mir eng Ëmfro ënnert den Exposanten an de Schüler:inne vun der Editioun 2025 vun der “Foire” gemaach. D’Resultater weisen, dass béid Gruppen vill vun der ACEL hire Suergen deelen:

- De Campus Belval ass net dofir ausgeluecht, dass eng Foire do ka stattfannen. Déi aktuell 150 Stänn si verdeelt op véier verschidde Gebaier, d’Beschëlderung ass schlecht, wouduerch d’Orientéierung schwéier fällt. Informatiounspunkte sinn net gutt placéiert an heiansdo och guer net besat, an d’Pläng vum Site weise keng Detailer vun de Gebaier. Vill Schüler:inne fille sech verluer.
- D’Konzept vun enger Foire ass duerch den neie Site verluer gaang: D’Stänn kënnen net méi logesch regruppéiert ginn, d’Visiteuren entdecke keng Stänn méi duerch Zoufall an déi fréier geselleg an eenheetlech Atmosphär ass verschwonn.
- Haut kënne just nach 150 Stänn un der “Foire” deelhuelen (am Verglach zu 250 am Joer 2019), an de Site ass lo schonn u senge Grenzen an d’”Foire” doduerch net erweiderbar fir nei Exposanten. Virun allem an der Maison des Arts et des Étudiants, wou d’Studenteliewen, d’Gesondheetsberuffer an de Benevolat regruppéiert sinn. Wichteg Partner, wéi den CGDIS, d’Police oder d’Arméi, sinn net méi dobäi, wat d’Orientéierungs-Offer staark aschränkt.
- De Campus Belval ass net zentral an d’Transport- a Parkméiglechkeeten si schlecht. Fir verschidde Lycéeën dauert d’Urees bis zu 2 Stonnen, wat d’Participatioun erschwéiert an Ongläichheete verstäerkt.

Déi detailléiert Resultater vun den Ëmfroen fannt dir an den ugespéngelten Dokumenter.

Nieft de logistesche Problemer kënnt och nach e grondleeënd Uleies vun der ACEL dobäi: D’Foire soll fir all d’Schüler:inne sinn, net nëmme fir déi, déi spéider studéiere wëllen. Mir sinn der Meenung, dass d’Regierung d’Aufgab huet, jiddereen op seng Zukunft virzebereeden. Dofir fuerdere mir de Retour vun Entreprisen an Organisatiounen, déi berufflech Formatiounen ubidden (z. B. Arméi, Police, Handwierk, asw.). Zu Lëtzebuerg gëtt et eng eenzegaarteg Chance, eng Foire fir d’Beruffszukunft vun de Jonken ze organiséieren, déi op enger zentraler Plaz stattfënnt, déi fir jidderee gutt zougänglech ass an esou eng gläichberechtegt an ëmfaassend Studien- a Beruffsorientatioun garantéiert.

D’ACEL wëll drun erënneren, dass d’Studentefoire net d’Aufgab huet d’Uni.lu ze promovéieren, mee all jonk Leit am Land an hiren Décisiounen ze ënnerstëtzen, egal wéi hire Wee oder hir Ambitiounen ausgesinn. D’Foire muss hinnen eng gerecht, ëmfaassend an onofhängeg Orientatioun ubidden an dat engem passenden an zougängleche Kader. Dowéinst fuerdert d’ACEL eng grondleeënd Reform vum aktuelle Konzept vun der “Foire”, soudass hirt ursprénglech Zil rëm kann erreecht ginn: Déi Jonk zesummenzebréngen, ze informéieren an ze orientéieren an dat op eng oppen, inklusiv an divers Manéier.

**Gianni Di Paoli**
President
gianni.dipaoli@acel.lu
+352 2060 8484 - 1

**Sophie Mangen**
Vice-Presidentin Information
sophie.mangen@acel.lu
+352 2060 8484 - 2